# WAAT HEESCHT HEI « KUCK MEI WAIT » ?

## Eng flott Rencontre mat den Amis et maîtres de chiens guides d'aveugles au Luxembourg

Am läschten Joer, hun mir Thema „eis Sënnër“ behandelt, an do kennt natiirlech dann och „Gesin“ dran fier. Während epuer Versammlungen hun mir dun dest Thema behandelt, bis een soot: „Ech gesin dat NET!“. An ob emol war eist ganzt Thema a Fro gestallt.

„Kuck mei wait“ – dest soll eist Thema fir die nächst 2 Joer sin. Mee waat as, wann een net geseit, oder nemmen ganz schlecht? Fir ob des Fro kennen ze äntwerten, hun mir eis dun mam Thema „Blann sin“ beschäftegt. Doropshin, hun mir Kontakt mat den « Amis et Maîtres de chiens guides d'aveugles au Luxembourg » opgeholl. Dest as eng Associatioun, dei probéiert Blannenféierhönn un blann Leit, oder un Leit, dei ganz schlecht gesin, ze vermettelen.



Mir hun eis dunn den 24. Abrëll 2004, zu Betebuerg am Home, mat 5 Leit vun deser Associatioun an 2 vun hieren Hënn getraff. Mir haaten natiirlech vill Froen, an hun nach méi Äntwerten kritt.



En Blannenféierhond muss eng speziell Ausbildung kréien. Leider get et hei am Land keng Schoul dofir. Et muss een also an Frankreich goen.
Et gin 3 haapt Rassen, die dofir am beschten geegnet sin: Labrador, Golden Retriever an daitschen Schéiferhond. Den Kinnékspuddel get geholl, falls een Allergien op den Pelz huet.

Mat 2 Méint mussen des Hönn schon hieren eischten Test maan. Hei get gekuckt, ob sie kennen en Blannenféierhond gin, oder net.



Teschent 2 an 12 Méint kennt den Hond an eng Famille d’accueil. Hei get en die grond Saachen geléiert (propper sin, follegen, sozialen Emgaang mat Leit ...).
Teschent 12 an 18 Méint léiert en dann alles, waat en als Blannenféierhond wessen muss: wéi wait muss een laanscht en Luutepotto goen, fir dass déi blann Persoun net dran knuppt, wéi no um Bord vum trootoir muss en sech sëtzen fir

dass deen, deen en féiert, net schon hallef an der Strooss steet, wéi geet een richteg mat séngem Meeschter Trap erop...

Dei meescht Blannenféierhönn sin kastréiert/stériliséiert fir éventuellen domat verbonnenen Problemer aus dem wee ze goen. Soss sin des Hënn awer genee wéi all aaneren Hond och.

Natiirlech muss och deen, deen esou een Hond kritt an eng „Schoul". Hei léiert hien, wei eng Kommando'en et gin, wei hien mam Hond emzegoen huet an wat dem Hond sain Verhalen séngem Meeschter well soen.

Et muss een wessen, dat een esou en Hond nemmen kritt, wann engem doduerger den Alldag méi einfach gemach get.
Am Fong get et keen Mindestalter, mee wann,dann géing en bei 16 Joer leien. Leider get et awer eng laang Wardezeit (2-3 Joer).

Am Ufank as et schwéier, fir sech op den Hond verloossen ze kennen. Durfir geet dann och die éischt 14 Deeg dem Hond sein Trainer mat bei déi betraffen Persoun heem.



Wei geseit elo esou een Alldag aus?
Den Hond as vun Mures wou een opsteet, bis Owes, wou een sech erem leen geet derbei. Et as net esou, dat den Hond alles aleng mecht. Hien brauch och Kommandoen, wei z.B. lénks, riets, gei... Daat waat den Hond mecht, as een ronderem en Hindernis ze feieren, een ze warnen, dass Traapen oder en Trottoire do as, ... .

Wärend senger Aarbeschtszeit, huet den Hond den "Harné" un. Dest as eng Zort Greff, wou den Blannen, oder deen, deen schlecht geseit sech fest hällt. Domadder spiert en dann, waat den Hond mecht: an wie eng Richtung hien geet, ob en stoen bleiwt, ... .

Den Hond as praktesch die ganzen Zait umgaang ze schaffen. Sou muss hien zum Beispill en speziellen Kommando kréien, fir datt heen spillen oder sech propper maachen geet.



Den Hond geseit natiirlech net, dat et gréng as, oder wie een Bus elo kennt. Durfir sin Leit dann ob eis Hellef ugewisen. Et soll een net den Hond heemelen, oder him eppes ze iessen gin. Sie gin dodurch oofgelengt an kennen hier Aarbescht

net gutt maachen. Et kann een awer deen Blannen froen, ob een daat dierf. Et soll een och net en Blannen einfach upaaken, mee fir d'éischt mat him schwätzen.

Den Hond geet och mat opt Aarbescht. Hien dierf iwerall goen, och dohin, wou "normal" Hönn net därfen, wei z.B. bei en Metzler.
Sie gin esou guer mat an Vakanz, an wann een mam Flieger flitt, as den Hond nierwent sengem Meeschter.

En Blannenféierhond as keen Waachhond. Hien mecht neischt beises. En as net do, fir opt Haus opzepassen, mee fir sein Meeschter ze "féieren", fir fir hien ze gesin.

Et kascht neischt fir esou een Hond ze kréien. Des Hönn gin gratis vun deenen verschiddenen Schoulen ausgebild an ze Verfügung gestallt. Eng Ausbildung kascht awer teschent 15.000€ an 20.000€. D'Schoulen an « Amis et Maîtres de chiens guides d'aveugles au Luxembourg » kënnen durfir just durch Spenden dest ermeigelechen.

Falls dir elo nach Froen hutt, oder méi iwert sie wëssen wëllt, dann gitt am beschten op hieren Internetsite : www.chienguide.org kucken.

Mir soen hinnen ob jiddefall en groussen MERCI fir des flott Rencontre an wenschen hinnen nach vill Erfolleg.

AvEx vun Betebuerg